pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här Christian WELTER
Gemengeconseiller

43, avenue de la Gare

L-4873 LAMADELAINE

Referenz :2022.51903.SECR

Péiteng, den 8. Juli 2022

Betreff: Är Froe vum 10. Juni 2022
(den Dossier gëtt beaarbecht vum Här Ferreira Christophe - Tel. : 50 12 51 –3053)

Här Christian Welter,

Per E-Mail vum 10. Juni hutt Dir dem Schäfferot folgend Froe gestallt :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

wann een vun der Rue Belle-Vue op d'Rollenger Weieren zoukënnt, sinn am Kräseliswee, wou d'Leit parke kennen, fir d'Weihere besichen ze goen, grouss Stroosseschied opzefannen. Op de soziale Medien ginn dës Lächer schonn als "neie" Weiher nieft de Rollenger Weihere bezeechent..

Esou wéi den Artikel 25 vum Gemengegesetz et virgesäit, wéilt ech lech folgend Froe stellen:

1. Weess de Schäfferot vun dësem Problem Bescheed? Falls jo, zënter wéini?
2. Wéini gedenkt de Schäfferot diesbezüglech eppes ze ënnerhuelen?
3. Wann nee, wien ass an deem Fall responsabel, dass déi Schied behuewe ginn?

Christian Welter
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

Här Welter,

Jo, mir hu Kenntnis vun dësem Problem.

De Parking dierf allerdings net mat Macadam iwwerzu ginn, vu que datt dëse sech an der Zone verte befënnt. De Parking gëtt am Prinzip eemol am Joer rëm a Stand gesat, dëst no Récksprooch mam Fierschter. Wéi mam Fierschter scho virun enger Zäit ofgemaach, sinn d'Aarbechten fir d'Problemer ze behiewen Enn Juni realiséiert ginn. Zousätzlech ass festgehale ginn de Parking regelméisseg ze kontrolléieren an, wann néideg, och d'Schied ze behiewen. D'Gemeng wäert och e Schëld dohinner sëtze fir d'Vitesse op 20 km/h ze limitéiere fir ze évitéieren datt esou Schied entstinn.

Dësweidere befënnt sech en asphaltéierte Parking an der rue du Vieux Moulin deen de Visiteure vun de “Rollenger Weieren“ zur Verfügung steet. Eng Entrée fir op d’Weiere befënnt sech um Enn vun der Strooss hannert der Millen.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,